recht. Et ass esou, datt mer mam Adapto eng Rei Problemer haten. Mir hunn awer festgestallt, datt den Adapto - an der leschter Legislaturperiod war dat - genotzt ginn ass vu Leit, déi ganz normal kéinten den ëffentlechen Transport huelen. Dat heescht, déi Offer do ass awer vill genotzt ginn zu Onrecht, wou se eigentlech net berechtegt gewiescht wär, well een nach aner Méiglechkeeten huet.

Mir hunn och festgestallt, datt d'Leit nach de Führerschäin hunn an nach eigentlech Auto fueren an awer och dann den Adapto notzen. Bon, ech mengen, et ass dat eent oder dat anert. Well mer mussen hei wëssen, mir schwätzen hei jo net vun engem klassesche Busreseau, mä et ass een Door-to-door-Service. Am Fong ass et wéi een Taxiservice, wou ech doheem ofgeholl ginn an iergendwou higefouert ginn, genau op déi Plaz, wou ech gären hätt. An duerfir ass et och net ze vergläiche mam Rescht vum ëffentlechen Transport. An duerfir fannen ech déi Argumentatioun och net korrekt, fir ze soen: Den ëffentlechen Transport gëtt elo gratis an da misst ee jo quasiment dat hei och alles fir näischt maachen. Ech mengen, dat kann een net matenee vergläichen.

Dat Eenzegt, wat mer jo gemaach hunn, dat ass den Transport, deen organiséiert gëtt an deem heiten Zesummenhang fir Leit, déi en Handicap hunn, déi Salarié sinn, fir op hir Aarbechtsplaz ze kommen, do war et jo an der leschter Legislaturperiod esou, datt déi hu missen en normaalt Abonnement kafen, ee Monats- oder Joresabonnement huelen. An dat fält ewech. Déi ginn och natierlech op hir Aarbechtsplaz gratis transportéiert, well mer do an engem anere Cas de figure sinn. Dat si jo Leit, déi dann den normalen ëffentlechen Transport, fir schaffen ze goen, net kënnen huelen. An duerfir konnte mer dat doranner integréieren.

Fir elo do Reformen ze maachen, dat ass natierlech eng komplizéiert Saach, well mir hu verschidde Situatiounen. Dir wësst och, datt den Adapto genotzt gëtt zum Beispill vu Leit, déi nëmme kuerzfristeg en Handicap hunn, well se - ech weess net - en Accident haten, wou se mussen an de Rehazenter goen, also wou et medezinnesch verschriwwen ass. An do gëtt et jo och Contingenten, déi da verschriwwe ginn. Dat ass emol schonn eng Kategorie.

Da gëtt et Leit, déi hu méi en, loosse mer soen, definitiven Handicap. An do ass dann eben ëmmer ze jugéieren, dat ass ëmmer déi ganz Diskussioun: Ass dat elo ... Geet dat duer oder geet dat net duer, den Zertifikat vum Dokter an esou weider? Dat heescht, mir brauchen zum Beispill, wa mer déi Reform hei wëlle maachen, scho ganz kloer och de Minister vun der Sécurité sociale virun allem, vläicht och souguer de Minister vun der Santé.

Mä ech géif awer éischter soen, de Minister vun der Sécurité sociale, well mer jo musse kucken, ob mer net zum Beispill op de Wee ginn, datt mer verschidde Leeschtungen, déi haut ugebuede gi bei Leit, déi e momentanen Handicap hunn duerch en Accident ... Well déi Leeschtungen, déi ugebuede ginn iwwert d'Sécurité sociale, einfach net duerginn. Ech mengen, där Fäll gëtt et. Dat weess ech och. Mä da musse mer kucken, wéi mer dat iwwert d'Sécurité sociale da vläicht aneschters regelen.

D'Familljeministesch ass natierlech och gefuerdert hei. Duerfir hunn ech och Gespréicher mat der Familljeministesch. An ech kann lech och soen, do sinn elo Viraarbechten am Lafen am Kader vun der Evaluatioun. A mir hunn net méi spéit wéi an deenen nächste Wochen - ech mengen, et ass d'nächst Woch, Enn nächster Woch - eng gemeinsam Reunioun, déi dräi Ministeren zesummen, fir ze kucken, déi Evaluatiounen, déi de part et d'autre gemaach gi sinn, zesummenzebréngen an da gemeinsam ze iwwerleeën, wat fir eng Reformelementer mer kënnen hei erabréngen.

Also et ass kloer: Et gëtt Problemer. An Dir hutt och recht, et gëtt sécherlech Fäll, déi vläicht haut, loosse mer soen, Grenzfäll sinn, wou vläicht heiansdo och net ëmmer richteg tranchéiert gëtt, well dann eng Evaluatioun gemaach gëtt vu mengem Ministère, déi vläicht net deem entsprécht, wat de reelle gesondheetlechen Zoustand vun de Leit ass. Mä wéi gesot, meng Leit kënnen dat och net feststellen. Duerfir brauche mer eben och déi aner Ministèren, déi ech virdrun opgelëscht hunn. An do musse mer duerfir gemeinsam kucken, no anere Léisungen ze sichen.

Eng Pist ka sinn, datt mer op e ganz anere Wee ginn, wéi mer déi Leeschtungen do ubidden. Ëndeem mer vläicht finanziell eppes ubidde fir déi Leit, datt si kënnen da selwer decidéieren, wat fir en Transportmëttel se huelen. Mä dat ass awer nëmmen eng Pist. Ech mengen, et sollt een déi alleguerten zesumme kucken. An da ginn ech och dervun aus, datt mer hei Léisunge wäerte fannen.

Op alle Fall ass et e Sujet, deen der Regierung ganz um Häerz läit. An ech mengen, mir wäerten och versichen, esou schnell wéi méiglech hei no Léisungen ze sichen. Dir wësst jo och, datt mer parallell am Moment och eng Reform amgaange sinn ze maache vum RGTR. Do solle selbstverständlech emol all déi Kritären afléissen, déi Der och virdru gesot hutt, wa mer deen neie Reseau sur place hunn, also en place wëlle setzen.

Mä mir schwätze jo och am Kader vum RGTR iwwer e Bus à la demande am ländleche Raum zum Beispill. An ech mengen, hei muss een och kucken, ob een do net och Synergië vläicht fënnt fir verschidden, méi spezifesch Situatiounen am ländleche Raum, déi natierlech ganz anescht si wéi am städtesche Raum, wou ech lech honnertprozenteg recht ginn.

Merci.

M. Fernand Etgen, *Président.*- Merci, dem Mobilitéitsminister. Den Här Marco Schank freet nach eng Kéier d'Wuert.

M. Marco Schank *(CSV).*- Jo, ech wollt kuerz nofroen, ob ech dat richteg verstanen hunn. Den Här Minister ass zum Schluss op dee Saz agaangen am Koalitiounsofkommes, et géif gekuckt ginn, datt den Transport, den Adapto kéint duerch eng Aide financière ersat gi fir deen, dee kéint dervu profitéieren. Ass dat da scho sprochräif oder gëtt dorunner analyséiert? Dat géif mech nawell interesséieren, an ech mengen, d'Leit dobaussen och.

M. François Bausch, *Ministre de la Mobilité et des Travaux publics.*- Also sprochräif ass et nach net. Mä mir analyséieren dat awer de Moment, ob mer do eng Pist fannen, zum Beispill, wéi gesot, mat der Sécurité sociale an esou weider. Do gëtt et jo méi Méiglechkeeten, wéi ee sech dat kéint virstellen. Mä et ass nach net sprochräif. Et ass awer eng Pist, un där mer schaffen.

4. Dépôt d'une motion par M. Marco Schank

M. Fernand Etgen, *Président.*- Merci. Den Här Marco Schank huet nach d'Wuert gefrot fir den Depot vun enger Motioun.

M. Marco Schank *(CSV).*- Jo, Här President, ech wollt kuerz eng Motioun deposéieren. Ech mengen, ech maachen dat dann douewen.

Jo, Här President, well mer dat kloer wollten trennen, engersäits d'Question élargie, anerersäits den Depot vun der Motioun. Meng Motioun geet awer iwwert de Sujet vum Adapto. Mir wollten als Fraktioun eng Motioun deposéieren, wou mer soen, datt mer wëllen, datt dee Moment, wou den ëffentlechen Transport fir d'Leit ouni Handicap gratis gëtt, en dann och fir déi Leit mat Handicap soll gratis ginn.

Ech hunn och virdru gesot: Mir sinn d'accord, fir iwwert d'Kritären ze diskutéieren. Mir sinn der Meenung, datt d'Gläichberechtegung an d'Gläichbehandlung vun alle Residenten zu Lëtzebuerg hei eng Roll soll spillen. An duerfir géif ech lech déi Motioun hei eriwwerginn, Här President.

Merci.

Motion 1

La Chambre des Députés,

- rappelant que le Gouvernement du Luxembourg a signé en juillet 2007 la Convention de l'ONU relative aux droits des personnes handicapées, faite à New York le 13 décembre 2006, et le Protocole y relatif fait à New York à la même date ;

- sachant que la Convention sur les droits des personnes handicapées a comme mission d'adapter les droits fondamentaux existants aux besoins des personnes handicapées, de promouvoir et de protéger les droits et la dignité de ces personnes ;

- notant que cette Convention a été transposée dans la loi du 28 juillet 2011 ;

- constatant qu'en matière du transport, les personnes handicapées font toujours face à de nombreuses discriminations pour la gestion de leur quotidien ;

- sachant que le service de transport payant « Adapto » offre un maximum de 15 courses par mois pendant des horaires limités (7.00-22.00 en semaine) ;

- constatant que le transport public sera gratuit sur le territoire du Luxembourg à partir de mars 2020 ;

- sachant que le transport public n'est pas à 100 % accessible pour toutes les personnes avec un handicap ;

- notant aussi que l'ASBL Info-Handicap propose la mise en place d'un système qui centralise et gère l'Adapto ce qui aura en plus l'avantage de réduire fortement les coûts ;

- souhaitant garantir une réelle égalité de traitement à tous les résidents du Luxembourg ;

invite le Gouvernement

- à rendre le service de transport Adapto gratuit à partir de mars 2020 pour des personnes ayant un handicap.

(s.) Marco Schank.

Mme Martine Hansen *(CSV).*- Très bien !

5. 7366 - Projet de loi relatif à certaines modalités d'application et à la sanction du règlement (UE) 2018/302 du Parlement européen et du Conseil du 28 février 2018 visant à contrer le blocage géographique injustifié et d'autres formes de discrimination fondée sur la nationalité, le lieu de résidence ou le lieu d'établissement des clients dans le marché intérieur, et modifiant les règlements (CE) n° 2006/2004 et (UE) 2017/2394 et la directive 2009/22/CE

M. Fernand Etgen, *Président.*- Merci villmools. Mir kéime gläich zum nächste Punkt. An dat ass de Projet de loi 7366, d'Emsetze vun enger Direktiv iwwert de Geoblocking. D'Riedezäit ass nom Basismodell festgeluecht. Et hu sech schonn ageschriwwen: den Här Gloden, den Här Margue, den Här Reding an den Här Clement. D'Wuert huet elo de Rapporteur vun dësem Projet de loi, den honorabelen Här Claude Haagen. Här Haagen, Dir hutt d'Wuert.

Rapport de la Commission de l'Économie, de la Protection des consommateurs et de l'Espace

M. Claude Haagen *(LSAP), rapporteur.*- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, mam Projet de loi 7366 gëtt d'europäescht Reglement 2018/302 vum 28. Februar 2018 géint de Blocage géographique an nationaalt Recht transposéiert.

Dir Dammen an Dir Hären, ech huelen et och direkt virewech: Dëse Projet de loi léist net eis Problemer vum Geoblockage, an d'Wirtschaftskommissioun ass och net zefridde mat dësem Projet de loi, deen, wéi gesot, op deem europäesche Reglement baséiert. Dëst ass aus enger Analys vum Projet selwer ervirgaangen, déi natierlech och gemaach ginn ass an der zoustänneger Kommissioun.

Mat dësem Projet de loi, wou d'Transpositioun vum Reglement gemaach gëtt, ginn zwar verschidde Problemer geléist, awer d'Wuerzel vum Iwwel selwer gëtt net ugepaakt.

De Projet de loi huet schonn eng länger Virgeschicht. An der Wirtschaftskommissioun war schonn 2016 doriwwer - deemools huet et sech ëm eng Proposition de règlement gehandelt - een Avis politique redigéiert ginn an och un d'EU-Kommissioun weidergi ginn.

Dëst war, wéi gesot, am Stadium nach vun der Proposition de règlement. Déi Doleancë vun der Wirtschaftskommissioun an deem Avis politique sinn, wéi gesot, och dunn zesummen dohinnergedroe ginn. Et ass och eng Äntwert drop komm, op déi ech herno wëll agoen.

Hei geet et drëms, fir de Geoblockage ze verhënnere souwéi all aner Diskriminatiounen iwwert d'Nationalitéit, de Lieu de résidence, de Sëtz vum Etablissement vun deene verschiddene Clienten am europäesche Marché intérieur.

Mä schlussendlech, wat bedeit Geoblockage? Geoblockage ass, wann een den Accès fir Leit opgrond vun hirer geografescher Provenance blockéiert. Am Internet gëtt dëst normalerweis dann, wann een net un deen Artikel kënnt, iwwert de Geoblockage, iwwer ee Rerouting op eng aner lokal Websäit gemaach. De Geoblockage baséiert op der Lokalisatioun vun IP-Adressen a gëtt oft duerch ënnerschiddlech Marketing souwéi Tariff- a Präisënnerscheeder vun de Länner ugewannt, well dat natierlech zu dem Virdeel vun deenen Entreprisen ass.

D'Thema ass besonnesch wichteg, denken ech, fir ee klengt Land wéi Lëtzebuerg, mat där Superficie, awer och fir aner kleng Länner, well dat bedeit natierlech duerch seng iwwerschaubar Gréisst, datt och vill aus dem Ausland consomméiert gëtt. Ronn 68 % vun de Konsumenten, Residenten zu Lëtzebuerg kafen iwwer Onlineplattformen am Ausland an. Et muss een awer och trotzdeem soen, datt manner wéi 30 % vun deenen Internetakeef schlussendlech kënne finaliséiert ginn, well vill Entreprisë ganz einfach refuséieren, op Lëtzebuerg ze liwweren.

Här President, de But vum Reglement ass et, den Artikel 20 vun der Direktiv 2006/123/CE, dat ass d'Direktiv „Services", ze clarifiéieren. Den Artikel 20 obligéiert d'Memberstaten, d'Diskriminatioun vum Destinataire vun engem Service opgrond vu senger Nationalitéit oder vu sengem Wunnsëtz net zouzeloossen.

De Considerant (veuillez lire : De Considerant (95)) vun der Direktiv „Services" huet awer eng Lëscht vun Ausnamen opgestallt, bei deenen Ennerscheeder an deene verschiddene Verkafskonditiounen erlaabt sinn. Zum Beispill ënnerschiddlech Tariffer. Zu deenen Ausname geheieren zum Beispill zousätzlech Käschte wéinst der Distanz oder den techneschen Eegenschafte vun der Prestatioun, Fluctuatiounen an der Demande wéinst der Saison, ënnerschiddlech Vakanzeperioden tëschent de Memberstaten oder zousätzlech Risike fir de Prestataire wéinst Reglementatiounen, déi vum Memberstat vum Siège social vum Prestataire ofwäichen.

Dës sougenannte Lëscht huet der EU-Kommissioun no awer zu enger Insécurité juridique gefouert. An domat wollt een och, mat deem heite Reglement, déi Rechtssécherheet garantéieren.

De Reglement an domadder dëse Projet de loi, wou d'Reglement jo transposéiert gëtt, gesäit dräi Situatioune vir, wou d'Clienten d'Transaktiounen ënnert deenen nämlechte Konditioune musse kënne maache wéi lokal Clienten:

1. Déi verkaaften Artikele ginn an e Memberstat geliwwert, dee vun der Entreprise proposéiert ginn ass, oder vun enger Plaz ofgeholl, op déi sech d'Entreprise an de Client zesumme gëeenegt hunn an déi vun der Entreprise proposéiert gëtt.

De Client muss dierfen zum nämlechte Präis an zu den nämlechte Konditiounen den Artikel kréien, wéi de Client, deen am Land wunnt, se selwer huet, wou den Artikel geliwwert oder ofgeholl gëtt.

2. Déiselwecht Konditioune fir de lokale Client si fir de Service, deen ënner elektronescher Form prestéiert gëtt a wou keng physesch Livraisoun néideg ass; klassescht Beispill: Stockage vun Donnéeën.

3. Ee Service, dee vum Client empfaange gëtt um Territoire vum Memberstat, wou de Prestataire seng Aktivitéite bedreift, zum Beispill bei den Hoteller.

Des Weidere concernéiert dëst Reglement net nëmmen d'Relatioun Konsument/Entreprise, mä och d'Relatioun tëschent zwou Entreprisen, wann déi eng een Artikel oder ee Service bei där anerer keeft.

D'Reglement versicht och, Ongläichbehandlungen an d'Viséier ze huelen, déi op der Lokalisatioun vum Client duerch Methode berouen, déi bis elo nach net kloer kadréiert waren. Zum Beispill duerch IP-Adressen, ech hunn et scho gesot, Adresse bei enger Livraisoun vun Artikelen, de Choix vun der Sprooch op engem Internetsite oder d'Land, an deem d'Instrument de paiement ugemellt ass.

Dir Dammen an Dir Hären, d'Reglement verbitt d'Diskriminatioun beim Accès op Internetportaler a bei de Konditioune vum Paiement beim Kafe vun Artikelen oder Servicer an engem anere Memberstat. Beim Accès op Internetportaler dierf d'Entreprise de Client net automatesch, ouni säin Accord, op eng aner Versioun vum Internetportal redirigéieren. Et geet allerdéngs duer, wann de Client eemol säin Accord gëtt fir de spezifeschen Internetportal.

Professioneller mussen, wa se bis eemol de Choix vun den akzeptéierte Bezuelungsmethode getraff hunn, déi Konditioune fir all Client gëlle loossen, onofhängeg dovun, wou dem Client säi Kont oder wou säi Bezuelungsinstrument lokaliséiert ass.

Verschidde Beispiller, fir et méi kloer ze maachen, wëll ech nennen, déi iwwert dëst Reglement ganz einfach ofgeséchert sinn. Huelt un, Dir wëllt Schier kafen op engem däitschen Internetsite, dann ass dat geregelt hei iwwert d'Reglement; déi concernéiert Entreprise, wou Der akaaft, muss déi verkafen. Mä et ass net esou, datt se lech se ka liwweren, wou se wëllt (veuillez lire : Mä et ass net esou, datt se lech se muss liwweren, wuer Der wëllt). Dat heescht, Dir musst se noutfalls siche goen dohinner oder op de Point Post vun deem Land, wou se dann och op der Grenz ass (veuillez lire : déi aner Säit vun der Grenz).

Wann Der zum Beispill op eng Base de données mat Service Cloud gitt, huele mer un Estland, dann ass dat och couvréiert. Dir kritt dat och ze kafen an zu deeneselwechte Konditioune wéi de Client an Estland selwer. Et ass am Fong dat Eenzegt, wat bei de Service-électroniquen, déi couvréiert sinn, net protegéiert ass vum Copyright.

Da klassescht Beispill, mengen ech, wat mer alleguerte schonn haten: Dir maacht d'Locatioun vun engem Auto oder vun enger Hotelskummer, an der Vakanz a Spuenien, dann däerf

deen net méi deier si wéi fir de Consommateur, deen déi zum Beispill a Slowenien bestellt. Ech muss lech awer soen, wann d'Internetportaler aneschters dirigéiert sinn, hutt Der natierlech och aner Präisser op deene verschiddene Site-Webben.

Här President, dëst sinn d'Haaptcharakteristike vun dësem EU-Reglement an domadder dësem Projet de loi. Mä, wéi gesot, léist dat net d'Problemer, notamment wat den Accès ugeet a verschiddene Beräicher a Servicer fir Lëtzebuerg.

D'Servicer, deenen hiert Haaptgeschäft doranner besteet, en Accès op Inhalter ze ginn, déi ënnert den Droit d'auteur falen, elektronesch Bicher beispillsweis, Streaming vu Musek, Onlinespiller, si vum Reglement ausgeschloss. Och audiovisuell Servicer, Retransmissioune mat enger Licence territoriale exclusive, si vun dësem Reglement net betraff. Domadder gëtt d'Wierkung vum Reglement staark ageschränkt. Finalement sinn och d'Finanzdéngschtleeschtunge fir hir Privatclienten en tant que tel ausgeschloss.

Dat ass och am Avis politique vun 2016 vun der Ekonomieskommissioun un d'Europäesch Kommissioun monéiert ginn an och déi verschidde lëtzebuergesch Regierungen hu sech dëser Problematik ugeholl. Hei ginn d'Rechter vun de Consommateuren, dat heescht vun eis, wa mer akafe ginn, an dësem Fall Lëtzebuerger Residenten, potenzielle Clienten, net respektéiert.

E puer Beispiller: Ee Champ d'application hutt Der hei, deen net garantéiert ass bei dësem Reglement, wann Der zum Beispill als Résident luxembourgeois eng Emissioun op der däitscher Télee kuckt iwwer Internet. Dann ass dat net iwwert dëst Reglement garantéiert. Da wëllt Der zum Beispill Musek lauschteren en ligne aus Däitschland, dat ass och net garantéiert.

D'Chrëschtkaddoen, déi Der op engem däitsche Site kaaft an déi Der op Lëtzebuerg wëllt liwwere loossen, an dësem Fall och net. Dann, wann Der iwwer verschidden Internetportaler wëllt Saache bestellen, verschiddener sinn do och net garantéiert. Well dat féiert nach ëmmer zu Diskriminatiounen tëschent Präisser. An dat anert ass zum Beispill och, wann Der an Holland - als Beispill Holland, ech kéint och aner Länner huelen - een neie Logiciel bestellt, dann ass deen och net hei couvréiert, well dat ass am Kader vun den Droit-d'auteuren.

Genau iwwert déi dote Problemer an anerer huet den Avis politique vun der Ekonomieskommissioun aus dem Joer 2016 gehandelt. D'Ekonomieskommissioun huet hir Enttäuschung iwwert d'Proposition de règlement, an deem Fall 2016, vum Europaparlament a vum Conseil ausgedréckt.

De Lëtzebuerger Commerce hätt net d'Méiglechkeeten, fir an den europäesche Marché intérieur anzegräifen, well e sech zum Beispill misst iwwert d'Distributiounszentralen - an dat ass och hei an der Plenière schonn e puermol ugeklongen - vun der Belsch oder anere Länner uschléissen. Dëst bedeit een Nodeel am Sënn vun der Kompetitivitéit. Et bedeit en Ënnerscheed am Präis an an der Offer vum Produkt.

An der Äntwert vun der Kommissioun vum 30. November 2016 op den Avis politique huet d'Europäesch Kommissioun am Resumé geäntwert, datt de Conseil européen gefrot huet, fir eben all dës Mëssstänn ze eliminéieren an der Kommissioun an datt d'Kommissioun op dëse Wee géif goen.

Elo ass et esou, bis spéitstens Mäerz 2020 muss d'Europäesch Kommissioun ee Rapport virleeën, wou d'Auswierkunge vum Reglement op de Marché intérieur européen analyséiert sinn.

Zum Schluss wëll ech nach e puer technesch Detailer lassginn. D'Reglement iwwerléisst et de jeeweilege Memberstaten, déi Autoritéit ze designéieren, déi fir si wichteg sinn (veuillez lire : déi fir si déi richteg ass), fir de Respekt vun den Obligatiounen ze garantéieren. Zu Lëtzebuerg gëllt et, de Code de la consommation unzewenden. Den Artikel 2 vum Projet de loi designéiert de Magistrat présidant la chambre du tribunal d'arrondissement siégeant en matière commerciale als Juge de fond. Als Instrument ass an enger éischter Etapp d'Action en cessation virgesinn. Au cas wou dëst net sollt respektéiert ginn, kann de Juge eng Strof tëschent 251 an 120.000 Euro verhänken.

D'Reglement obligéiert och d'Memberstaten, een Organ ze designéieren, dat dem Konsument hëlleft am Fall vun engem Litige géint de Professionellen. Fir Lëtzebuerg kënnt déi Roll dem Centre européen des consommateurs Luxembourg zou. Et ass ee Groupement d'intérêt économique, deen 1991 gegrënnt ginn ass.

Déi aner technesch Detailer zum Projet de loi a vun deene verschiddenen Avisen, notamment Union luxembourgeoise des consommateurs, Chambre de Commerce, Conseil de la concurrence, fannt Der a mengem schréftleche Rapport.

De Statsrot hat keng Observatiounen, wat de Fong vun dësem Projet de loi ugeet. Zum Schluss ginn ech natierlech heimadder den Accord vun der LSAP-Fraktioun a maachen awer och een Appell un d'Regierung, fir sech weider bei der Kommissioun anzesetzen, fir endlech déi Ongerechtegkeeten, déi sech op den Accès vun deene verschiddene Servicer bezéien, aus der Welt ze schafen.

Ech soen lech Merci.

M. Fernand Etgen, *Président.*- Merci villmools, Här Haagen. Als éischte Riedner ass den honorabelen Här Léon Gloden agedroen. Här Gloden, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

M. Léon Gloden *(CSV).*- Merci, Här President, fir d'Wuert. Merci dem Här Rapporteur fir säi mëndlechen a schréftleche Rapport.

Gëschter konnt een am „Quotidien" liesen: « Le Luxembourg, pays le plus géobloqué. » De Projet de loi, deen de Rapporteur hei explizéiert huet, ass e gutt Beispill fir op där enger Säit d'Avantagë vun Europa an op där anerer Säit e Beispill, dass Europa nach net wäit genuch ass an dass een Europa nach ka verbesseren, am Déngscht vun den Entreprisen a vun de Konsumenten.

Dat Reglement, wou mer verschidden Dispositiounen an eis Gesetzgebung ëmsetzen, verbitt eng Diskriminatioun opgrond vun der Nationalitéit, vun der Residenz, vun der IP-Adress, vun der Sprooch oder opgrond vum Memberstat, an deem meng Kredittkaart emettéiert ginn ass, mat där ech e Service oder e Produit iwwer Internet wëll kafen. Dat ass also schonn e grousse Schrëtt fir d'Consommateuren an d'Entreprisen.

Dee Schrëtt ass awer net grouss genuch. Firwat?

Fir d'Éischt sinn eng Rei Produiten a Servicer aus dem Reglement explizitt ausgeschloss, wéi de Streaming, wéi d'elektronesch Bicher, wéi d'Jeux en ligne an aner Services audiovisuels.

Manner wéi 30 % kann de Lëtzebuerger Resident iwwer Internet kafen. Konkret heescht dat: Wann de Léon Gloden net iwwer LetzShop e Buch fënnt a misst dann an d'Ausland e Buch kafe goen, geet en op den Internet kucken, fir dat Buch bei enger däitscher Librairie zum Beispill zu Tréier ze kafen. Déi däitsch Librairie ass obligéiert, mer et ze verkafen - se ka mech also net blockéieren, well ech zu Lëtzebuerg wunnen -, mä ass awer net forcéiert, mer dat Buch op Gréiwemaacher ze liwweren.

Dat heescht, ech muss awer entweder op Tréier fueren - Virdeel vun Europa ass, ech brauch keng Carte d'identité méi ze weisen a ka mam Euro bezuelen - oder ech hunn an enger vun de sëllechen Uertschafte laanscht d'Musel op der däitscher Säit eng Bréifboîte oder ech hunn e Kolleeg oder eng Kolleegin, déi do wunnt, an ech fueren déi besichen, fir dass ech da ka meng Akeef do ofhuelen.

M. Alex Bodry *(LSAP).*- Dir sidd jo ganz schnell!

(Hilarité)

(Interruption par M. Mars Di Bartolomeo)

M. Léon Gloden *(CSV).*- Also ech mengen, ech sinn heibannen deen, deen am mannsten iwwer Internet keeft, well ech hunn eng Kéier eppes iwwer Internet kaaft.

Une voix.- Dir bleift dem lokale Commerce trei.

M. Léon Gloden *(CSV).*- Ech kucken no de Commerçanten zu Gréiwemaacher an an der Stad. Gelldiert, Madamm Burton?

D'lescht Woch war eng Konferenz, organiséiert vun der Association luxembourgeoise pour l'étude du droit de la concurrence, wou ech d'ailleurs iwwert d'Digitalisatioun an de Geoblocking geschwat hunn. A genau déi do Problematik ass do och nach eng Kéier opgeworf ginn.

D'ailleurs, d'Post bitt de Lëtzebuerger Konsumenten an Entreprisen och eng Facilitéit un, well d'Post huet am däitsche Raum Adressen, wou dann d'Leit dat kënnen hi liwwere loossen, an d'Post geet déi Päck da sichen a liwwert se heihinner, wat natierlech awer e Surcoût huet.

Am Kader vun där Konferenz ass och déi Enquête, dee Rapport vum Conseil de la concurrence ugeschwat gi vum Januar dëses Joers, wou de Geoblocking par rapport zu den Entreprisen analyséiert ginn ass. An ech sinn do e bëssen erstaunt awer, dass de Conseil de la concurrence do zur Konklusioun komm ass, dass de Geoblocking par rapport zu den Entreprisen am Kader vum Droit de la concurrence kee Problem wier, well si kéinte sech jo, wa se geoblockéiert ginn, fir dat dann op Lëtzebuergesch esou ze nennen, wa se wëllen zum Beispill e Produit bei engem däitsche Produzent kafen, iwwer aner Kanäl approvisionéieren.

Dobäi wësse mer alleguer a mir kréien et ëmmer erëm gesot an et steet an allen Avise vun de Chambres professionnelles, dass dat e reelle Problem ass, dass zum Beispill ganz oft am Autoshandel oder och an aneren Domänen ech de Produit, en däitsche Produit zum Beispill, muss iwwer en Intermédiaire belge kafen, amplaz dass ech e kann direkt beim däitsche Produzent kafen.

D'ailleurs huet de Kolleeg Laurent Mosar och schonn an enger Motioun 2016 op déi Problematik higewisen. An ech fuerdere wierklech de Wirtschaftsminister op, an ech wäert och an deem Sënn eng Motioun hei deposéieren, well en hat dat och viru Jore scho gesot, e géif sech wierklech massiv derfir asetzen zu Bréissel.

M. Étienne Schneider, *Ministre de l'Économie.*- Wéi et och ass!

M. Léon Gloden *(CSV).*- An d'ailleurs och d'Madamm Cahen. Well wann d'Groussregioun eng Kéier ka konkret gelieft ginn, dann ass et an deem do Thema. Et geet net duer, Sonndesrieden iwwert d'Groussregioun ze halen an awer soss net vill op d'Tapéit ze bréngen.

An duerfir deposéieren ech eng Motioun, wou ech d'Regierung opfuerderen, sech weiderhin a vläicht och méi kräfteg nach anzesetzen, fir géint de Geoblocking virzegoen. Well mir als Lëtzebuerger Land, well mer eben am Zentrum vun Europa sinn a méi kleng si wéi déi aner Länner, si wierklech praktesch déi Eenzeg, déi dovunner massiv souffréieren. A wa mer wëllen déi grouss Konzerner op Lëtzebuerg kréien, am Internet an der Digitalisatioun Leader sinn, musse mer et och fäerdegbréngen, dee Geoblocking kënne ganz ofzeregelen.

Ech soe Merci.

Motion 1

La Chambre des Députés,

- considérant que le phénomène du « géoblocking » persiste, malgré le règlement (UE) 2018 /302 du Parlement européen et du Conseil du 28 février 2018 visant à contrer le blocage géographique injustifié et d'autres formes de discrimination fondée sur la nationalité, le lieu de résidence ou le lieu d'établissement des clients dans le marché intérieur ;

- en effet, malgré le règlement précité et le projet de loi relatif à certaines modalités d'application du règlement précité, le « géoblocking » est toujours pratiqué et défavorise les consommateurs et entreprises au Luxembourg ;

- en effet, notant que de nombreux consommateurs au Luxembourg font toujours face à des problèmes de libre approvisionnement auprès du fournisseur de leur choix au sein du marché intérieur de l'Union européenne, en particulier en voulant acheter des produits via des plateformes électroniques ;

- notant aussi que de nombreuses entreprises installées au Luxembourg connaissent des problèmes de libre approvisionnement, étant donné qu'elles doivent souvent passer par un intermédiaire étranger pour acheter des produits auprès d'un producteur situé dans un autre État membre que l'entreprise luxembourgeoise ou l'intermédiaire ;

- constatant que la situation actuelle entraîne encore toujours une double pénalisation, en matière de prix (impossibilité de s'approvisionner aux meilleurs prix) et en matière d'offre (disponibilité limitée de produits) ;

- considérant que les initiatives au niveau du Benelux et de la Grande Région pour s'attaquer aux problèmes d'approvisionnement des consommateurs et distributeurs luxembourgeois restent au stade embryonnaire ;

- considérant ainsi que le Gouvernement devra entreprendre des efforts auprès des autorités européennes pour lutter efficacement contre le « géoblocking » ;

invite le Gouvernement

- à mieux supporter les consommateurs et entreprises luxembourgeois face aux problèmes du géoblocking ;

- malgré le rapport du Conseil de la concurrence du 18 janvier 2019, à continuer des discussions avec le Conseil de la concurrence et aussi l'Union luxembourgeoise des consommateurs, le Ministère de la Protection des consommateurs et le Centre européen des consommateurs (CEC Luxembourg) pour consolider la stratégie nationale pour remédier à la problématique du géoblocking ;

- à mettre en place une campagne de sensibilisation en partenariat avec le Centre européen des consommateurs GIE Luxembourg ;

- à vérifier et à transmettre les réclamations des consommateurs et entreprises luxembourgeois à la Commission européenne aux fins de recours contre les entreprises dénoncées.

(s.) Léon Gloden, Diane Adehm, Martine Hansen, Gilles Roth, Claude Wiseler.

Une voix.- Très bien !

M. Fernand Etgen, *Président.*- Merci, Här Gloden. Nächsten ageschriwwene Riedner ass den Här Charles Margue. Här Margue, Dir hutt d'Wuert.

M. Alex Bodry *(LSAP).*- Här President, Dir diskriminéiert Är eege Partei!

M. Charles Margue *(déi gréng).*- Ech sinn net ëmmer drop gefaasst, direkt no der CSV ze schwätzen.

Mme Josée Lorsché *(déi gréng).*- Et ass um Här Arendt.

M. Alex Bodry *(LSAP).*- Den Här Arendt wollt eigentlech schwätzen.

M. Fernand Etgen, *Président.*- E war net ageschriwwen. Duerno dann.

M. Charles Margue *(déi gréng).*- Här Arendt, ass dat an der Rei fir lech?

(Exclamations)

M. Fernand Etgen, *Président.*- Der Reiefolleg no wier et dann awer um Här Guy Arendt. Här Arendt, Dir hutt d'Wuert. Da musst Dir lech nach e bësse gedëllegen, Här Margue.

(Brouhaha et hilarité)

M. André Bauler *(DP).*- Uerdnung muss sinn!

M. Mars Di Bartolomeo *(LSAP).*- Dir musst oppassen, Här President, et ass den 31. Mann.

(Hilarité)

M. Guy Arendt *(DP).*- An da kënnt deen 30. virdrun.

(Brouhaha)

M. Fernand Etgen, *Président.*- Här Arendt, loosst lech elo net oflenken.

M. Guy Arendt *(DP).*- Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, haut setze mer verschidden Dispositiounen ëm, fir konform ze sinn zu engem europäesche Reglement, dat de Geoblocking souwéi aner Diskriminatiounen opgrond vun der Nationalitéit oder dem Wunnuert vum Konsument wäert aschränken.

Et misst een elo denken: „Endlech! Gutt geschafft! Et gëtt och Zäit!" Mä leider hält sech mäin Enthusiasmus a Grenzen.

Här President, ech ginn elo net nach eemol op déi konkret Ännerungen an, déi dëst Reglement wäert mat sech bréngen, de Rapporteur huet dat schonn a sengem mëndlechen a schréftleche Rapport fir eis gemaach. An ech soen him duerfir extra Merci.

Mä wann ech dat Reglement misst an engem Saz resuméieren, da géif ech soen: De Champ d'application ass limitéiert. Dëst Reglement ass e Bréisseler Kompromëss, deen net wäit genuch geet. Kann een et en Etappenerfolleg nennen? Ech weess dat net. Jiddefalls si mir als DP enttäuscht iwwert dëst Reglement. Jo, et geet eiser Meenung no net wäit genuch an et plooschtert éischter, wéi dass et konsequent géint de Problem vum Geoblocking virgeet.

An ech mengen, Här Gloden, do sinn ech net mat lech d'accord: De Geoblocking ass net nëmmen de Problem vun der Groussregioun, mä awer och vun Europa am Ganzen.

M. André Bauler *(DP).*- Très bien !

(Interruption)

M. Guy Arendt *(DP).*- Jo. Mä déi kleng Attack op d'Familljeministesch war net grad appropriéiert.

(Brouhaha)

M. André Bauler *(DP).*- Très bien !

M. Guy Arendt *(DP).*- Wéi gesot, dat ass déi schlecht Nouvelle bei der Saach.

Déi gutt Noriicht ass awer, dass weider dru geschafft gëtt, fir dass mir an der Unioun déi virtuell Grenzen ofbauen an en digitale Bannemaart kréien, deen och funktionéiert a vun deem den EU-Bierger eppes huet.

Et ass och virgesinn, dass d'Kommissioun schonn d'nächst Joer am Mäerz e Rapport virstellt, deen dann hoffentlech d'Lacunne vun dësem Reglement wäert opweisen.

Fir d'DP war d'Ofschafe vum Geoblocking e wichtege Punkt wärend der Wahlcampagne bei de rezenten Europawahlen. Als Liberal wëlle mir e funktionéierenden digitale Bannemaart.

Als Konsument kënne mir haut scho ganz einfach iwwert d'Grenze fueren an eis an der Groussregioun oder soss an der EU deen Artikel kafen, deen eis gefält. Fir vill Leit ass et duerfir onverständlech, dass dëst beim Onlinehandel net selbstverständlech ass. Verschidde Wuere gi fir verschidde Länner net ugebueden. Oder de Verkeefer refuséiert, op Lëtzebuerg ze liwweren.

Ech kéint lech natierlech elo soen: „Da gitt op den Onlineshop ‚LetzShop' akafen, amplaz bei engem auslänneschen Onlinehändler! Da sidd Der sécher, dass Der beliwwert gitt an Dir ënnerstëtzt niewebäi och nach de Lëtzebuerger Handel." Et ass awer esou, dass ee verschidde Produiten einfach net zu Lëtzebuerg fënnt, dës awer vun engem Verkeefer aus der EU online ugebuede ginn. D'Reglement gesäit vir, dass all d'Verkeefer an der EU mussen e Produit ubidden an där Form, wéi wann de Client aus hirem Land kéim.

Am Klortext heescht dat, dass esou zum Beispill en däitschen Onlineverkeefer nach ëmmer net muss op Lëtzebuerg liwweren, de Lëtzebuerger Client awer muss an Däitschland beliwwert ginn oder hie kann et bei de Verkeefer an de Buttek siche goen. Dir verstitt, dass mir heibäi nach wäit vun engem funktionéierende Bannemaart ewech sinn. D'DP mengt, et ass méi dran.

Här President, et ass schwéier, d'Bierger vun de Virdeeler vun der Unioun a vun hirem Bannemaart ze iwwerzeegen, wa si all gudden Dag folgende Saz op hirem Bildschierm stoen hunn: „Aus lizenzrechtlichen Gründen dürfen wir diesen Inhalt in Ihrem Land leider nicht anzeigen."

Bei den Onlinecontenuen a Streamingdéngschter ass et positiv, dass eng Direktiv an zwee weider Reglementer, déi an der Ausaarbechtung sinn, d'Zil hunn, dass méi Leit un digitale Contenu kommen, deen an engem aneren EU-Land produzéiert gëtt. De Problem beim Geoblocking a bei grenziwwerschreidenden Iwwerdrounge si jo bekanntlech d'Droit-d'auteuren.

D'DP wëllt natierlech, dass d'Rechter vun den Ayants droit honoréiert ginn. Mä mir mengen awer och, dass d'Droit-d'auteur-Reglementatioun, wéi se momentan an der Unioun besteet, net dozou bäidréit, dass de Konsument eppes vum digitale Bannemaart huet.

Déi Reglementer an d'Direktiv, déi nach an der Pipeline sinn, gi menger Meenung no och nach net wäit genuch. Et freet mech duerfir, dass souwuel eise Premier Xavier Bettel an och de Wirtschaftsminister Étienne Schneider dërselwechter Meenung sinn a sech op europäeschem Niveau asetzen, fir eng méi ambitiéis Politik an deem Beräich ze verlaangen.

Mir verlaangen als DP vun der zukünfteger Kommissioun, am Beräich vum Geoblocking endlech Neel mat Käpp ze maachen, konkret Léisungen ze fannen, déi dem Konsument eppes bréngen, amplaz déi aktuell Politik vun de ganz klenge Schrëtt.

D'Richtung stëmmt. Mä ech hunn d'Gefill, et feelt nach u Courage, fir dee ganz grousse Worf hinzekréien.

An ebe well d'Richtung stëmmt, ginn ech haut och den Accord vun der Demokratescher Partei an hoffen, dass mir an Zukunft Direktiven oder Reglementer hei an dësem Haus kënnen ëmsetzen, déi nach méi wäit gi wéi dat, wat mer haut transposéieren.

Dëst gesot, soen ech lech Merci fir d'Nolauschteren.

M. Fernand Etgen, *Président.*- Merci villmools, Här Arendt. An dann ass et elo um honorabelen Här Charles Margue. Här Margue, Dir hutt elo d'Wuert.

M. Charles Margue *(déi gréng).*- Voilà. An der richteger Reiefolleg.

Et ass vill vu menge Virriedner gesot ginn a vill Frust ausgedréckt ginn, dee mer erlieft hunn, wéi mer an der Kommissioun den Text des Éftere beschwat hunn. Ech kommen net op all déi Elementer zréck.

Ech soen dem Rapporteur Merci fir déi gutt Ausféierungen, déi e gemaach huet. E komplexen Dossier. Mä am Alldag sinn et einfach Problemer fir eis. Mir stoussen eis dauernd drun, déi Leit, déi zimlech online ënnerwee sinn. Et ass och, wéi et fir de Moment gehandhabt gëtt, net gutt fir Europa. D'Leit hunn eng aner Virstellung vun Europa.

An déi Zäit, wéi ech d'Erhiewunge fir de Statec gemaach hunn am ganze Beräich ICT an E-Commerce, war dat eng vun de Froen, déi opkomm ass, wivill Leit sech dorunner géife stoussen. An et si jo hei Zuele genannt ginn, déi aus deene Quelle kommen. De Problem huet dann derzou geféiert, dass munch Leit sech iwwert déi Saachen, déi och an Zukunft geogeblockt bleiwen, ewechsetzen. Mir sinn an enger surrealistescher Situatioun.

Eis Jugend weess ganz kloer, wéi se drukënnt, de Geoblocking ze ëmgoen. Wann ech bei mäi Fissi op d'Uni kommen, da leeft do samschdes Futtball aus ganz Europa, dee geogeblockt ass, well si ëmmer drukommen. Dat ass och net déi gesond Situatioun. An ...

M. Michel Wolter *(CSV).*- Kënnt Der hien och eng Kéier bei mech schécken?

M. Charles Margue *(déi gréng).*- Fir dat ze maachen? Ech ginn och ëmmer jalous. Voilà.

(Interruption)

Une voix.- Ass dat legal?

M. Charles Margue *(déi gréng).*- Hie weist mer et och ëmmer. Mä voilà. Nächste Samschdeg hunn ech et erëm vergiess oder ech sinn op enger anerer Plaz, da muss ee sech erëm anescht ëmsinn.

Wéi gesot, fir eis Gréng, mir wäerten trotz deem Frust dee Projet hei stëmmen. De Projet ass begréissenswäert. A wéi eis Kolleegin d'Tilly Metz och d'lescht nach gesot huet: Am Europaparlament wäerten déi gréng sech drëm beméien, dass deen Dossier hei weidergefouert gëtt, hoffentlech net eréischt an zwee Joer, an dass mer éischter kënnen hei driwwer schwätzen, dass mer an deenen - wéi soll ech soen? -, dass mer manner geblockt ginn an dass mer manner afallsräich musse sinn, fir de Geoblocking ze ëmgoen.

Ech soen lech Merci an ech ginn den Accord vun der grénger Fraktioun fir deen Dossier hei.

M. Fernand Etgen, *Président.*- Merci villmools Här Margue. Als nächsten ageschriwwene Riedner hunn ech hei den honorabelen Här Roy Reding stoen. Deen ass awer net hei. An da wier et gläich um honorabelen Här Sven Clement. Här Clement, Dir hutt d'Wuert.

(Brouhaha)

M. Mars Di Bartolomeo *(LSAP).*- En ass ugeblockt.

(Hilarité)

(M. Roy Reding et M. Gilles Roth entrent dans la salle.)

M. Fernand Etgen, *Président.*- Här Reding, Dir sidd hei gefrot.

Une voix.- Den Här Roth huet en zréckgehalen!

(Interruptions)

M. Roy Reding *(ADR).*- Dat ass wonnerbar, Här President. Villmools Merci.

Mir schléissen eis deene Remarken un, déi gemaach gi sinn iwwert de Geoblocking, dee Lëtzebuerg extrem, extrem Schued mécht. An et ass effektiv an déi Richtung, wou ee muss œuvréieren. Mä dat heiten ass en éischte Schrëtt an déi Richtung. An duerfir fënnt deen Text och eis Ënnerstëtzung.

M. Fernand Etgen, *Président.*- Merci villmools, Här Reding. An de leschten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Sven Clement. Här Clement, Dir hutt d'Wuert.

M. Sven Clement *(Piraten).*- Här President, Kolleeginnen a Kolleegen, Geoblocking ass eppes, wat mer alleguerte kennen, wa mer op gréisser Plattforme ginn a mir gesinn e Smiley mam Mond no ënnen, deen eis seet: „Dëse Video ass an Ärem Land net disponibel." Geoblocking ass dat, wat heescht, datt mer an den Appstorë vu quasi all Handyshiersteller verschidden Appen zu Lëtzebuerg net erofluede kënnen. Geoblocking ass awer och, an dat gouf virdru schonn erwähnt, wann ech jee no Lännerastellung am Ausland net akafe kann.

Grondsätzlech ass Geoblocking eppes, wat an engem gemeinsamen Europa keng Plaz huet.

Datt dëse Projet u sech just d'Strofe regelt, déi kënne genotzt ginn, wann dann elo ee sech net un déi ganz wéineg Regelen, déi et am Moment um Marché ginn, hält, geet fir eis net wäit genuch. An dat ass och an der Kommissioun, mengen ech, op quasi Eestëmmegkeet getraff, datt et méi wäit misst goen. A mir musse méi wäit goen, well grad Lëtzebuerg ass mat sengem klenge Marché intérieur drop ugewisen, datt eis Konsumente kënnen am europäeschen Ausland fräi an ouni Diskriminatioun akafen.

Et kann net sinn, datt ech fir deen nämlechte Produit en ënnerschiddleche Präis bezuelen, wann ech en dës Säit oder déi aner Säit vun der Musel bestellen. Et kann net sinn, datt et an engem gemeinsamen Europa nach ëmmer digital Produite gëtt, ech schwätzen emol nach net vun de physesche Produiten, mä digital Produiten, déi net kënnen iwwer eng Grenz transportéiert ginn. Den Internet kennt keng Grenzen. Mä eng Rëtsch Fournisseure vun digitale Léisungen denken nach ëmmer am État nation, als géif den Internet op eemol matzen an der Musel ophalen an en aneren Internet ugoen.

Et ass esou lächerlech, datt et u sech keng Wierder derfir gëtt, datt dat Ganzt 2019 nach ëmmer Bestand huet, datt mer zwar vun engem eenheetleche Marché schwätzen, vu Marché unique schwätzen, och vum „digital single market", wat e grousst Thema vun der leschter Kommissioun war, an trotzdeem nach ëmmer de kräischende Smiley gesinn, deen eis seet: „Dëse Video kanns du zu Lëtzebuerg net kucken."

Wie schonn eng Kéier gereest ass an ënnerwee probéiert huet, souguer Videoen ze kucken, déi een zu Lëtzebuerg ugefaangen huet, kritt no e puer Sekonnen, wann en am Ausland ass, gesot: „Hei gëtt et en net."

Et geet also net nëmmen an déi eng Richtung, datt mir Saachen net kënne kucken, déi een am Ausland ka kucken, et geet och genau ëmgedréit. Dat heescht, dee Geoblocking ass e Problem, deen net just no bannen, mä och eraus gëllt. Mir brauchen also hei net nëmme schéi Wierder, mir brauchen net nëmmen Outilen, fir déi lasch Regelen, déi mer elo hunn, ze bestrofen, mä mir bräichte vill méi staark Regelen. Mir bräichten e richtege Marché unique fir digital, mä och fir physesch Gidder.

Deementspriechend bedauere mer, datt dës... Jo, Här Bodry, mir bedaueren, datt ...

M. Mars Di Bartolomeo *(LSAP).*- Mä Dir laacht!

M. Sven Clement *(Piraten).*- ... dëse Projet net wäit genuch geet.

(Hilarité)

Ech kann och kräischen, Här Di Bartolomeo, wann Der dat mengt.

Une voix.- Ech hu léiwer, Dir laacht!

M. Sven Clement *(Piraten).*- De Problem ass, ech muss bei deem heite Projet u sech driwwer laachen, datt mer iwwerhaapt nach ëmmer iwwer esou eppes diskutéieren. Mir sinn 2019. Mir sinn esou wäit komm an der EU an der Integratioun. Fir Banke ginn et keng Grenzen, mä fir Videoe ginn et nach ëmmer Grenzen. Dat ass e Problem, dat musse mer ugoen.

Deen heite Projet, déi heiten Transpositioun ass e klengen, butzege Schrëtt. Et kéint ee litteralement Quantesprong soen, well eng Quant mécht e minimale Sprong vun net emol engem Millimeter.

Une voix.- Ah!

M. Sven Clement *(Piraten).*- A genau dat ass dat heiten. Et ass e minimale Progrès. Mir brauche vill méi. Nichtsdestotrotz sollt een dem Progrès net am Wee stoen. An duerfir wäerte mer dëse Projet matdroen.

Ech soe Merci.

M. Marc Goergen *(Piraten).*- Ganz gutt.

M. Fernand Etgen, *Président.*- Merci villmools, Här Clement. D'Regierung huet d'Wuert. De Wirtschaftsminister, den Här Étienne Schneider.

Prise de position du Gouvernement

M. Étienne Schneider, *Ministre de l'Économie.*- Jo. Merci, Här President. Also, ech si mat eigentlech bal allem d'accord, wat hei gesot ginn ass. Dir kennt mech an Dir wësst, dass ech mat Sécherheet net ka mat där doter Direktiv zefridde sinn. Et ass esou, dass ech zënter Joren am Conseil Compétitivité zu Bréissel derfir plädéiert hunn, am Numm vu Lëtzebuerg, an iwwregens och déi aner Kolleege Ministeren, déi an hire Conseilen derfir plädéiert hunn, dass mer vill méi wäit solle goen, dass dee Geoblocking reell soll ofgeschaaft ginn.

Mir hunn eis ëmmer derfir agesat, dass et eng Harmoniséierung soll ginn, wat d'Konditiounen ugeet um europäesche Marché, dass et och eng Reconnaissance mutuelle soll ginn. Mir hunn ëmmer erëm drop higewisen, dass et Nonsense ass, dass een de Bierger zwar d'Méiglechkeet gëtt, a Spuenien eppes ze bestellen, an dass deen a Spuenien der et zwar muss verkafen, mä e muss der et net heem liwweren. Alles dat mécht net ganz vill Sënn.

Och ee Problem, deen eise Betriber, a virun allem deene klenge Betriber, am Wee steet, ass net geléist, näämlech dee vun der Applikatioun vum Recht, wann et zu engem Konflikt kënnt. Bei grousse Betriber ass dat méi einfach. Also, et ass jo esou, dass, wann et e Konflikt gëtt, gëllt d'Gesetzgebung vum Land vum Konsument. Déi grouss Betriber hunn natierlech d'Méiglechkeet, d'Konsumenteschutzgesetzgebung vun 28 Länner ze kennen an ze wëssen, wat do eventuell op se duerkënnt. Mä kleng Betriber hunn déi natierlech net an hunn doduerch och keen Interêt, u Konsumenten aus anere Länner ze verkafen, wou se deenen hir Gesetzgebung am Beräich vum Konsumenteschutz net kennen. Et ass also alles entweder immens komplizéiert oder et geet eben net wäit genuch.

Mä wéi de leschte Riedner gesot huet, ass et ee ganz, ganz klenge Fortschrëtt, mä ëmmerhin ass et e Fortschrëtt. Mir haten net vill méi Méiglechkeeten, wéi no ville Jore vun Diskussiounen ze soen, dass mer domat net zefridde sinn. Mir sinn awer iwwerstëmmt ginn. Elo hu mer déi Direktiv, oder mir setze se elo hei ëm, wann Der se da stëmmt, esou wéi et virgesinn ass vun der Kommissioun, an no all de Verhandlungen, déi waren.

Mir hoffen insgeheim drop, dass vläicht déi nei Kommissioun méi Courage huet, dass se en neien Elan hëlt, fir hei nozebesseren a fir wierklech e Marché unique anzeféieren, wou d'Bierger ouni Grenze kënnen a ganz Europa akafen, ouni dass et do nach 26 Obstakele gëtt, fir dat ze maachen.

Dofir, nach eng Kéier, ech si mat all deene Kriticken, déi hei komm sinn, averstanen. Mä Dir kënnt mer gleewen, dass Lëtzebuerg eng ganz kloer Positioun hat all déi Joren, déi mir ëmmer erëm verteidegt hunn. Mä mir hunn eis awer am Muechtkampf mat deenen anere 27 Länner leider an der Minoritéit fonnt a mussen dat doten eben elo akzeptéieren, esou wéi et ass.

Ech soen lech Merci.

M. Fernand Etgen, *Président.*- Merci dem Här Wirtschaftsminister.

Mir kéimen dann zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 7366. Den Text steet am Document parlementaire 7366[5].

Vote sur l'ensemble du projet de loi 7366 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmme fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. Dann de Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

Dëse Projet ass mat 59 Jo-Stëmmen an 1 Nee-Stëmm ugeholl.

Résultat définitif après redressement : le projet de loi 7366 est adopté à l'unanimité des 60 votants.

Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes (par Mme Nancy Arendt épouse Kemp), Claude Wiseler et Michel Wolter ;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Eugène Berger, Frank Colabianchi, Mme Joëlle Elvinger, MM. Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mmes Carole Hartmann et Lydie Polfer ;

MM. Marc Angel (par M. Alex Bodry), Dan Biancalana, Alex Bodry, Mme Tess Burton, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen et Mme Lydia Mutsch ;

MM. Carlo Back, François Benoy (par Mme Josée Lorsché), Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, MM. Marc Hansen, Henri Kox, Mme Josée Lorsché, MM. Charles Margue et Roberto Traversini ;

MM. Jeff Engelen, Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen ;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

Motion 1

Da kéime mer zur Ofstëmmung iwwert d'Motioun 1. Ass een, deen eppes wëllt zur Motioun soen? Den Här Wirtschaftsminister.

M. Étienne Schneider, *Ministre de l'Économie.*- Jo, Merci, Här President. Nach eng Kéier kuerz zur Motioun. Also, och wann ech d'accord si mat all deene Kriticken, déi hei gemaach gi sinn un där Direktiv, kann ech awer net domadder d'accord sinn, dass hei an enger Motioun d'Impressioun gi gëtt, wéi wann d'Regierung net genuch Efforte gemaach hätt, fir dass aus där Direktiv eng besser Direktiv gëtt.

Ech mengen, dat kënnt Der alles noliesen, iwwer Joren: Bei all Prise de position, déi Lëtzebuerg geholl huet an deene verschiddene Conseilen an haaptsächlech am Conseil Compétitivité hu mer ëmmer erëm drop gepocht, dass dat do net wäit genuch geet. Dofir kann een net an eng Motioun schreiwen, d'Regierung misst do méi Efforte maachen. An et kann

een natierlech dann och an deem Kontext net d'Regierung invitéieren, fir d'Konsumenten an d'Entreprise besser ze ënnerstëtzen.

Ech mengen, mir hunn hei alles gemaach, wat eis un demokratesche Mëttelen zur Verfügung stoung. Méi ass net dran! Pour le reste ass et en demokratesche Vott, deem mer ënnerleeë sinn. Dofir gesinn ech elo net, aus wéi engem Grond mer sollen eis Strategie konsolidéieren. Eis Strategie ass ganz kloer, bei där nächster Kommissioun och erëm derfir ze œuvréieren, dass, wann ee Rapport heiriwwer gemaach gëtt, d'Konklusiounen esou ausfalen, dass dat méi wäit muss goen, dass mer do méi en anstännegt Gesetz respektiv Direktiv hikréien.

An déi Campagne de sensibilisation, déi hei gefrot gëtt, ech weess net, zu wat déi wierklech féiere soll. Ech mengen, d'Direktiv ass gestëmmt, d'Gesetz gëtt haut gestëmmt. Pour le reste huele mir selbstverständlech als Regierung d'Engagement, fir an deem Thema Geoblocking bei der neier Kommissioun, an deem neie Conseil de compétitivité alt erëm eng Kéier de Sujet opzebréngen an ze probéieren, Leit ze fannen, Alliéierter ze fannen, déi mat eis derfir schaffen, dass dee Geoblocking opgehuewe gëtt.

Dofir gesinn ech net an, firwat déi Motioun hei soll gutt sinn, an ech wollt lech dat awer just matdeelen.

M. Fernand Etgen, *Président.*- Merci, Här Wirtschaftsminister. Den Här Gloden wéllt näischt méi soen, dach, hie wéllt nach eppes soen.

M. Léon Gloden *(CSV).*- Ech wëll just soen, well dat gëtt ëmmer dobausse falsch gesot: Mir schwätzen hei vun engem Reglement. Et ass keng Direktiv, Här Minister. E klengen Ënnerscheed.

Ech stelle fest, déi gréng si frustréiert iwwert de Sujet, jiddwereen ass d'accord mam Constat, duerfir gesinn ech net an, firwat een hei net déi Motioun ka stëmmen. Den Drock op der Regierung muss héich bleiwen, fir déi Diskriminatiounen hei ofzeschafen. Duerfir, ech halen d'Motioun bäi, Här President.

Une voix.- Très bien !

Vote sur la motion 1

M. Fernand Etgen, *Président.*- Ech mengen, mir kënnen dann zum Vott ...

(Brouhaha)

... vun der Motioun kommen. Ech ginn dervun aus, datt de Vote électronique gefrot ass. D'Ofstëmme fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. Dann de Vote par procuration.

De Vott ass heimat ofgeschloss. An d'Motioun ass mat 27 Jo-Stëmmen an 31 Nee-Stëmmen, bei 2 Abstentiounen, net ugeholl.

Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes (par Mme Martine Hansen), Claude Wiseler et Michel Wolter ;

MM. Jeff Engelen, Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen.

Ont voté non : MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Eugène Berger, Frank Colabianchi, Mme Joëlle Elvinger, MM. Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mmes Carole Hartmann et Lydie Polfer ;

MM. Marc Angel (par M. Mars Di Bartolomeo), Dan Biancalana, Alex Bodry, Mme Tess Burton, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen et Mme Lydia Mutsch ;

MM. Carlo Back, François Benoy (par Mme Josée Lorsché), Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, MM. Marc Hansen, Henri Kox, Mme Josée Lorsché, MM. Charles Margue et Roberto Traversini.

Se sont abstenus : MM. Marc Baum et David Wagner.

6. 7268 - Projet de loi portant modification

1° du Code du travail ;

2° de la loi modifiée du 31 juillet 2006 portant introduction d'un Code du travail ;

3° de la loi modifiée du 19 décembre 2008 portant réforme de la formation professionnelle (suite)

Mir kommen elo zu deene verschiddenen Ofstëmmungen zum Projet de loi 7268 iwwert d'Formation professionnelle. Et sinn dat de Vott iwwert d'Amendementer, de Vott iwwert de Projet de loi an de Vott iwwert d'Motioun.

Amendements et motion 1

Mir schwätze fir d'Éischt dann iwwert d'Amendementer. Wëllt de Minister dozou nach eppes soen?

M. Claude Meisch, *Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse.*- Jo, Här President, de Fait, datt mer haut ofstëmmen, huet eis nach eng Kéier d'Geleeënheet ginn, déi Amendementer am Detail ze kucken. Et ware jo dräi Amendementer, och wa se dann nëmmen a Form vun zwee Amendementer erabruecht gi si vun der CSV, mä dräi Punkten hu se betraff.

Dat eent war eng Terminologie, déi gewiesselt huet, wou emol eng Kéier op der Plaz, wou „convention" soll stoen, d'Wuert „contrat" soll stoen. Dat ass eigentlech als Synonym ze gesinn. Allerdéngs, am Sënn vun der Formation professionnelle ass hei an der Terminologie scho kloer, ob et e Contrat d'apprentissage ass oder eng Convention de stage, soudatt ech géif mengen, datt een effektiv dat misst eng Kéier kloerstellen.

Deen anere Punkt war, fir en Artikel ze wiesselen, wou nach op 25 Congésdeeg verwise ginn ass am Fall vun engem Stagiaire. Dat heescht, dat ass e jonke Mënsch, dee seng Formatioun an der Formation professionnelle à plein temps eigentlech an der Schoul mécht, awer zu gewëssene Momenter, dat kënne Schoulwoche sinn, dat kënnen och Vakanzewoche sinn, an engem Stage ass.

Am Gesetz vu virdrun hate mer schonn déi Notioun do vu Congé an och de Verweis op déi 25 Deeg, se huet do awer gradesou wéineg Sënn gemaach, wéi se eigentlech haut Sënn mécht, well dat doten net déi sinn, déi am duale System sinn, well do leeft et schonn automatesch iwwer e Contrat d'apprentissage, deen awer gläichgestallt ass, wat de Congé ubelaangt, mam Contrat de travail, also elo 26 Deeg huet.

Hei sinn et der, déi nach Vollzäit an der Schoul sinn. Elo kann et sinn, datt emol zum Beispill an enger Ouschtervakanz e Stage ass. Mä fir de Rescht ass et awer esou, datt an der grousser Vakanz oder an anere Vakanze Schoulvakanz ass, soudatt, ob mer elo hei 25 Deeg oder 26 Deeg schreiwen, dat irrelevant ass. Am Prinzip bräicht et guer net am Text ze stoen.

Dann dee Punkt, deen effektiv méi seriö ze huelen ass, dat ass dee vun der VAE. Deen huet awer näischt mat dësem Gesetzesprojet ze dinn, dee mer haut hei ofstëmmen. An zwar ass déi Situatioun esou: Duerch eng Ännerung vun der Terminologie a vun der Definitioun ass d'Formation professionnelle en eegestännegen Ordre d'enseignement, oder ass et en Deel vum Enseignement secondaire, wéi et virdru war technique, an elo général?

Et ass näämlech 2017, wou déi Erreur sech do ageschlach huet. Do ass et esou gewiescht, datt effektiv elo momentan, laut Gesetzestext, eng VAE net méiglech wär, wann een den Diplom vun der Formation professionnelle géif ustriewen, wat kee Sënn mécht, do muss ech der Madamm Hansen absolutt recht ginn. An ech denken, datt mer dat och esou schnell wéi méiglech sollte korrigéieren.

Elo ass et awer esou, datt, wa mer elo déi Amendementer hei stëmmen, da musse mer wëssen, datt dee ganze Gesetzestext nach eng Kéier zréck bei de Conseil d'État geet, de Conseil d'État en Avis complémentaire mécht, mir eng Chamberskommissioun mussen organiséieren, deen Avis nach eng Kéier aviséieren, nach eng Kéier kucken, eisen definitiven Text ze änneren, e Rapport, en neie Rapport unhuelen an dann an de Plenum kommen.

Mir wëssen awer och, datt am Beräich vun der Formation professionnelle d'Schoul jo net eréischt de 15. September ugeet, mä schonn de 15. Juli, well do déi éischt Kontrakter gemaach gi vun den Apprentië fir dat nächst Joer. A well mer awer drop drécken, an och op Wonsch vun de Chambres professionnelles gären hätten, datt deen Text hei a Kraaft trëtt fir dat nächst Schouljoer, géif ech derbäi bleiwen, wéi ech och scho gëschter gesot hunn, datt mer déi Amendementer do ofleenen.

Ech proposéieren awer, datt d'Regierung esou schnell wéi méiglech e Gesetzesprojet op de Wee brëngt, fir op d'mannst déi Fro vun der VAE ze korrigéieren, well dat effektiv eng Erreur ass, déi sech zanter zwee Joer an eisem Gesetz ageschlach huet, an déi mer esou schnell wéi méiglech sollten eraushuelen.

Vläicht, Här President, well ech elo am Elan sinn, nach e Wuert zur Motioun.

Dat hu mer gëschter jo och schonn undiskutéiert a mer waren do bis an den Detail gaangen, ob dann elo eng Box fir deen, dee säin Apprentissage am Bësch mécht, mat ënnert d'Gratuitéit fält oder net. Ech hu mech nach eng Kéier renseignéiert, datt gewësse Materialien, net Bicher, net Kopien, mä aner Materialien, och am klassesche Lycée oder am generelle Lycée, net ënnert d'Gratuitéit falen.

Ech géif einfach proposéieren, well mer eis do eens sinn an der Saach, datt den Apprenti an der Formation professionnelle soll gläichgestallt gi mam Schüler am Général oder am Classique, datt mer dat doten eng Kéier am Detail an der Kommissioun solle kucken, éier mer hei driwwer ofstëmmen. An duerno kann d'CSV nach ëmmer déi Motioun erëmbréngen, wa mer eis do an där Saach net géifen eens ginn. Mä do sinn eng ganz Rei vun Detailer, déi een awer vläicht sollt consideréieren.

Merci, Här President.

M. Fernand Etgen, *Président.*- Merci dem Educatiounsminister. D'Madamm Hansen huet d'Wuert gefrot.

Mme Martine Hansen *(CSV).*- Merci, Här President. Ech fänken da mat der Motioun un, a mir halen déi Motioun fest, fir se awer hei ofstëmmen ze loossen, well wa mer eis jo eens sinn, dann, denken ech, kënne mer se och stëmmen.

Dann zu deenen anere Punkten. Zum Amendement 1. Ben, op déi Feeler vu Convention a Contrat war ech gëschter jo och guer net agaangen, well ech denken, dat sinn definitiv Oublien. Mä 26 oder 25, dat ass awer a mengen Aen net richteg, well d'Gesetz léisst et zou, et steet am Gesetz, d'Stagë kéinte ganz oder deelweis an de Vakanze sinn. Dat léisst also zou, datt do ganz vill Stagë kéinte sinn. An dofir denken ech, datt awer hei muss ee Minimum u Congésdeeg och fir de Stagiaire festgehale ginn. Also, déi 26 Deeg, dat schéngt mer net irrelevant ze sinn.

An allgemeng fannen ech d'Prozedur u sech komesch. Ech fannen et net an der Rei, datt mer hei als Chamber elo ee Gesetz stëmmen, wou mer pertinent wëssen, datt Feeler dra sinn an datt nach mussen Upassunge gemaach ginn. Dat fannen ech net deen normale Wee. Do hätt déi Aarbecht misse virdrun anstänneg gemaach ginn - dat hat ech jo och gëschter gesot -, da wäre keng Feeler dran.

Merci.

Une voix.- Très bien !

M. Fernand Etgen, *Président.*- Merci, Madamm Hansen.

Vote sur l'amendement 1

Ech mengen, mir kéimen dann zum Vott vum Amendement 1. D'Ofstëmme fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. Dann de Vote par procuration.

De Vott ass ofgeschloss. Den Amendement 1 ass bei 29 Jo-Stëmme géint 31 Nee-Stëmmen ofgeleent.

Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes (par Mme Octavie Modert), Claude Wiseler et Michel Wolter ;

MM. Jeff Engelen, Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen ;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Ont voté non : MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Eugène Berger, Frank Colabianchi, Mme Joëlle Elvinger, MM. Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mmes Carole Hartmann et Lydie Polfer ;

MM. Marc Angel (par M. Alex Bodry), Dan Biancalana, Alex Bodry, Mme Tess Burton, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen et Mme Lydia Mutsch ;

MM. Carlo Back, François Benoy (par Mme Stéphanie Empain), Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, MM. Marc Hansen, Henri Kox, Mme Josée Lorsché, MM. Charles Margue et Roberto Traversini.

Den Artikel L. 111-10 bleift ënnert där Form bäibehalen, wéi d'Kommissioun e virgeschloen huet.

Vote sur l'amendement 2

Mir kéimen dann direkt zur Ofstëmmung vum Amendement Nummer 2. De Vott fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. Dann de Vote par procuration.

De Vott ass ofgeschloss. Den Amendement Nummer 2 ass bei 29 Jo-Stëmme géint 31 Nee-Stëmmen ofgeleent.

Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes (par M. Laurent Mosar), Claude Wiseler et Michel Wolter ;

MM. Jeff Engelen, Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen ;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Ont voté non : MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Eugène Berger, Frank Colabianchi, Mme Joëlle Elvinger, MM. Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mmes Carole Hartmann et Lydie Polfer ;

MM. Marc Angel (par M. Mars Di Bartolomeo), Dan Biancalana, Alex Bodry, Mme Tess Burton, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen et Mme Lydia Mutsch ;

MM. Carlo Back, François Benoy (par Mme Josée Lorsché), Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, MM. Marc Hansen, Henri Kox, Mme Josée Lorsché, MM. Charles Margue et Roberto Traversini.

Den Artikel 45 bleift dann och ënnert där Form bäibehalen, wéi d'Kommissioun e virgeschloen huet.

Mir kéimen dann zur Ofstëmmung vum Gesetz, dem Projet de loi 7268. Den Text steet am Document parlementaire 7268[11].

Vote sur l'ensemble du projet de loi 7268 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmme fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. Duerno de Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

De Projet de loi 7268 ass mat 33 Jo-Stëmmen a 27 Nee-Stëmmen ugeholl, pardon, 27 Abstentiounen.

(Brouhaha)

Ont voté oui : MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Eugène Berger, Frank Colabianchi, Mme Joëlle Elvinger, MM. Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mmes Carole Hartmann et Lydie Polfer ;

MM. Marc Angel (par M. Alex Bodry), Dan Biancalana, Alex Bodry, Mme Tess Burton, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen et Mme Lydia Mutsch ;

MM. Carlo Back, François Benoy (par Mme Josée Lorsché), Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, MM. Marc Hansen, Henri Kox, Mme Josée Lorsché, MM. Charles Margue et Roberto Traversini ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen.

Se sont abstenus : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes (par M. Laurent Mosar), Claude Wiseler et Michel Wolter ;

MM. Jeff Engelen, Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding ;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

Vote sur la motion 1

Mir kéimen dann elo zur Ofstëmmung iwwert d'Motioun Nummer 1 vun der Madamm Martine Hansen.

De Vott fänkt un. Duerno de Vote par procuration.

D'Motioun ass bei 29 Jo-Stëmmen an 31 Nee-Stëmmen ofgeleent. Merci.

Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes (par Mme Octavie Modert), Claude Wiseler et Michel Wolter ;

MM. Jeff Engelen, Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen ;

MM. Marc Baum et David Wagner.